

Mary Queen of Arkansas

Jean-Marc Lantz

„Born in the U.S.A.“ war en Hit ginn, an all d'Popper hunn och elo Springsteen gelauschert, wat dem Joé guer net goug. Op der Danzpist, bei „Dancing in the Dark“ huet hien an engem Mier vu Benetton a Lacoste nom Meedche gesicht, dat moies nei an d'Schoul komm war. Hien hat direkt de roudé Badge op senger lénker Broscht erbléckst, op deem „I'm on Fire“ stoung, awer hatt war kee Pseudofan. Hatt huet gedantz, wéi wann et eleng op der Welt wier, an de Joé huet den Hippie an him erkannt. Beim Slow wollt hie säin Numm wäsen, mee hatt sot just: „Géff mir einfach een!“ Fir de Joé war et kloer: Virun him stoung d'Mary, d'Queen of Arkansas.

Hie wollt dem Mary d'Paradäis um Prénzebiérg weisen, eng Géigend wéi keng aner am Minett. Et ass wéi e prähistoreschen Urwald, e Feeëbësch mat Trollhiwwelen an Elfen am Gestrépp. Fir de Joé war d'Paradäis d'Inspiratioun fir d'Mumin-Bicher aus senger Kandheet, mat den iwwerwuessene Steekéip an de Fiichten, déi vun Haarz nëmmen esou drépsen. Op den Äscht an de verkréppelte Stämm wuchere Flechten an alle Faarwen, ënnert all Moukepräbbeli wibbelt et, an all Lach ass vun onheemeleche Wiese bewunnt, déi nach wässen, wéi dës Landschaft virum Tagebau ausgesinn huet, ier se erëm mat Tonne Gestengs zougetippt gouf, an de Bësch sech se erëmgeholl huet. D'Mary huet där ureger Kraaft missen ausgesat ginn, fir ze kucken, ob hatt dat Richteg wier. Et gouf nëmmen ee Ritual, fir hatt hei ze bannen, an dat war „Mary Queen of Arkansas“.

De Buedem huet gedämpft, wéi si duerch de Schnéi op de Prénzebiérg geklomme sinn. Et war Wanter ginn, bis hatt hien zu Péiteng besicht huet. De Joé huet d'Gittar d'Fielsen eropgeschleeft an dem Mary iwwer déi grouss Steng gehollef. Seng Hänne ware kal a steif an de raschtbrongen Händschen ouni Fangeren, déi hatt him gestreckt hat, an e war net sécher, ob en domadder Barré kéint gräifen. D'Keelt huet d'Säite bestëmmt verstëmmt a seng Stëmmgafel louch doheim. Hie wollt dem Mary e Sënn fir de Minett ginn an huet him vum Arkansas erzielt, dass et do och roudé Buedem gëtt, awer éischer Hematit, de „Bluttsteen“. Oder dass den Arkansas, wéi Péiteng, sou zimmlech am Süde vum Land läit. „Dann ass Rémeleng de Louisiana“, huet d'Mary gemengt. De Joé huet sech den Text ëmmer erëm oppesot, well hien d'Lidd net wollt ofliesen, obwuel et gepasst hätt, d'Partitur mat engem Donnerkäil ze beschweie-

ren. Hien huet ugestrengt no enger Plaz gesicht, wou si sech kéinte setzen an e gudde Bléck an d'Kordall, den Hierschtbiérg erop bis an d'Belsch hätten. Och hat de Joé op e Sonnenënnegang gehofft, an deem dem Mary seng wëll Buuschte wéi d'rout Äerd gegloust hätten. Leider war Péiteng am fiichte Lach knapps ze erkennen.

Si hu sech an der mineralescher Nätzt ënnert d'Beem installéiert, déi an den niwwelegen Damp erfogedrép hunn. De Geruch vun Haarz a Pilz war esou staark wéi dem Mary säi Patchouli. De Joé hätt sech gewünscht, de Schnéi wier kal a fest, mee et louch un him, den Zauber selwer ze schafen. D'Mary huet gespaant nogekuckt, wéi hien d'Gittar gestëmmt huet an dat äisegt Gestell mat der Harmonika op säi Schal geklemmt huet. Eng ganz Stroph war bäigesat gi fir en Harmonika-Solo, deen hien extra komponéiert hat. Déi éischt Akkorde sinn duerch de Bësch erklungen:

„Mary Queen of Arkansas, it's not too early for dreamin' ...
... and a bastard's love can be redeeming ...“

Hie war kee Baaschtert, mee et war ëmmer cool, sech als „underdog“ duerstellen, dat koun bestëmmt gutt un.

„You're not man enough for me to hate or woman enough for kissing ...“

Dës Zeil war kryptesch, de Springsteen war nach jonk, wéi hien dat geschriwwen huet, dat misst een him verzeien. Et goug bestëmmt em d'Angscht bei enger

jonker Léift. D'Mary war a senger Aen eng staark Fra an de Joé e sensible Jong.

„But I was not born to live to die, and you were not born for queenin ...“

D'Mary war seng Queen, mee ze bescheiden, fir sech esou ze behuelen. Kéint hatt sech virstellen, wäit ewech vum gëllene Käfig mat him ze liewen, eng nei Existenz unzefänken? Hien huet sech beim Solo e wéineg verschléckt, awer de magesche Fuedem ass ni gerass.

„But on your bed, Mary, I can see the shadow of a noose ...“

Eng däischer Nout. Et hänt en donkele Schiet iwwer all Léift, och emol eng Schléng. D'Mary war e mysteriéise Mënsch, mee dës Performance géif hatt ganz op seng Säit zéien.

„I got contacts deep down in Mexico ...“

Bei dëser Zeil huet de Joé un dem Kerouac säin „On the Road“ missen denken, sou dass e bal d'Konzentratioun verluer huet, fir d'Lidd traureg, mee majestétesch zu Enn ze bréngen. Hien hat wëlles, fir „Me-xi-co“ mam südleche Minett ze ersetzen, awer „Fond-de-Gras“ oder „Ha-gon-dange“ hunn net gepasst. Hien huet de leschten Akkord ausklénge gelooss an nach e puer Sekonne Stellt ofgewart, well d'Rou no engem Lidd vum Springsteen ass och vum Springsteen. Dunn huet hien d'Gittar agepaakt, d'Harmonika vum Spaut befreit an dem Mary seng schéin Händ-

schen erëm ugedoen. Hien hat kaum eng Kéier derlaanscht gegriff a wollt dem Meedchen Zäit ginn, sech no dësem Beweis vu senger Léift ze sammeln. Si hu sech géigesäiteg déi rout Sträife vum Boxebuedem gewëscht an sech an der Däischtert op de Wee no ënne gemaach. D'Mary huet dem Joé ugebueden, d'Gittar e Stéck vum Wee ze droen a sot: „War dat e Libeslidd fir mech?“ „Natielech“, sot de Joé, „huet et dir da gefall?“ No enger laanger

Paus koun dem Mary seng Äntwert: „Jo, et huet mech beweegt, ausser der Harmonika. Du hues dir vill Méi ginn an ech appreciieren dat, mee hues du den Text wierklech gutt gelies?“ De Joé huet dem Mary d'Gittar ofgehall a krut dat komescht Gefill, dass hatt ëmmer eppes méi wéi hie wosst. Hien huet et ugekuckt an ofgeewart. „Weess de“, sot hatt, „d'Mary ass net dat, wat s du denks. Dat do ass dach kee Libeslidd fir eng Fra. D'Mary ass en Typ!“



Illustration: Dan Altmann

Zur Persoun

De Jean-Marc Lantz ass 1964 an der Stad op d'Welt komm. Hien huet anglo-amerikanesch Literatur a Wales studéiert a schafft zu Esch/Uelzecht. Bal säi ganzt Liewen huet hien am Minett verbruecht, oder no genuch, fir séier do ze sinn. Den Ament wunnt hien zu Beeteburg. Säi Roman „Magnetosaurus Nostalgodon“ ass 2019 bei capybarabooks erauskomm.

Die Serie This Hard Minett Land

Von März bis Oktober 2022 laden das Tageblatt, das Luxembourg Centre for Contemporary and Digital History (C²DH) und capybarabooks die LeserInnen jeden Freitag zu einer besonderen Entdeckungsreise durch Luxemburgs Süden ein. Rund vierzig SchriftstellerInnen und HistorikerInnen lassen sich von Bruce Springsteens Songs inspirieren und schreiben Texte über das luxemburgisch-lothringische Eisenerzbecken, „de Minett“, sowie über diejenigen, die dort geboren oder dorthin eingewandert sind, dort gelebt, gearbeitet, geliebt, geträumt, gehofft, gekämpft, Erfolg gehabt oder versagt haben. Begleitet werden die Texte in deutscher, englischer, französischer und luxemburgischer Sprache von Illustrationen des Luxemburger Künstlers Dan Altmann. Im Herbst erscheinen sämtliche Texte und Zeichnungen dann versammelt in Buchform bei capybarabooks. Bis dahin heißt es: „Son, take a good look around/this is your ... Minett Land!“

Tageblatt
LÉTZEBOURG

CAPYBARA BOOKS

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

C²DH
LUXEMBOURG CENTRE FOR CONTEMPORARY AND DIGITAL HISTORY

Mary Queen of Arkansas

„Mary queen of Arkansas, it's not too early for dreamin'
The sky is grown with cloud seed sown and a bastard's love can be redeeming
Mary, my queen, your soft hulk is reviving
No, you're not too late to desecrate, the servants are just rising

Well I'm just a lonely acrobat, the live wire is my trade
I've been a shine boy for your acid brat and a wharf rat of your state
Mary, my queen, your blows for freedom are missing
You're not man enough for me to hate or woman enough for kissing

(...)

Bruce Springsteen

(from the album „Greetings from Asbury Park N.J.“, 1973)
© Sony Music Group/Eldridge